N° 4836
Reçue le 12.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung, Ëffentlechen Déngscht & Gesondheet weiderzeleeden.

Am September wäert fir d'Lycées- a Primärschoulkanner erëm de Schoulalldag ufänken. Am Moment gesäit et net esou aus wéi wann bis dohin eng Herdenimmunitéit erreecht gëtt an nach ass kee Vaccin fir Kanner zougelooss.
Eng Studie vum Institut für Strömungsmechanik und Aerodynamik vun der Bundeswehr-Uni zu Münche recommandéiert fir zousätzlech zum Stousslëften, Filter mat Hepa-Filteren a Banneraim anzesetzen.
An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3147 hunn d'Gesondheetsministesch an den Educatiounsminister erkläert:

> *"De Sujet vun de Purificateurs d'air gëtt ganz enk vun der Gesondheetsdirektioun mee och vun anerenwëssenschaftlechen Entitéiten (LIH, Uni.lu etc.) suivéiert an et gëtt eng permanent Veille vun eventuelle neien Erkenntnisser gemeet."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi stinn d'Ministeren haut zu Loftfilteren an de Schoulen? Denken d'Ministeren dass dës ee wichtegen Outil fir d'Schoulrentrée kënne sinn?

2. An wéi villen Administratiounen a Ministèrë goufe säit dem Ufank vun der Pandemie Loftfilter oder Klimaanlage mat agebautem Loftfilter installéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, vun der Gesondheetsministesch, vum Minister fir d'Fonction publique a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro Nr. 4836 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen

Ad 1)

Mir verweisen den honorabelen Här Deputéierten op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4641.

Ad 2)

D'Bauteverwaltung huet zanter dem Ufank vun der Pandemie nach keng spezifesch Ufro kritt fir Loftfilteren oder Klimaanlage mat agebauten Loftfilter ze installéieren.